Politeschen Entschloss zur Reduzéierung vun de Pestizidien an der Gemeng Käerjeng

Bei ville Leit hannerléisst d'Onkraut eng Impressioun vun net soignéiert an am Drang fir dann alles « propper » ze kréie gëtt zu engem Herbizid gegraff. Jidderee seet sech, dass e jo just ganz e bësse Produit benotzt an dass dat jo wuel keen Impakt op d'Ëmwelt wäert hunn. De Problem ass awer, dass oft e bëssen op emol vill gëtt. D'Ziel soll et also sinn, dass mer alleguer, an virun allem d'Gemeng a senger Virbildfonktioun, Efforte maache fir manner, a firwat net eng Kéier iwwerhaapt keng Pestizide méi, ze benotzen.

1) Wat sinn awer iwwerhaapt Pestizidien a firwat sollen se soumann wéi méiglech gebraucht ginn.

a. Pestizidien ass eigentlech e Sammelbegrëff fir chemesch Substanzen déi zur Bekämpfung vun onerwënschte Planzen an Déieren agesat ginn. Dozou gehéieren Herbiziden, Insektiziden, Fungiziden, etc.

b. Dës Produite ginn souwuel an der Landwiertschaft, an den Haushälter wéi beim Stat a bei de Gemeng agesat.

c. Firwat sinn d'Pestizidien da lo e Problem ?

i. Et muss ee wëssen, dass d'Pestizidien Derivater si vun Nervegasen a militäresche Kampfgasen, fir ze verstoen, dass dës Produiten net ongeféierlech sinn.
ii. Dobäi kënnt, dass se schwéier ofbaubar sinn a kënne sech sou am Waasser, am Buedem an an der Loft usammelen.
iii. Doduerch, dass d'Planzen se ophuelen an dass se an d'Grondwaasser sickeren, gelaange se an d'Nahrungsketten.
iv. Zu lescht muss ee soen, dass d'Pestizidie Produite sinn, déi onspezifesch wierken. Dat heescht zum Beispill, dass Insektiziden net nëmme géint déi Insekte wierke géint déi se agesat gi mä och géint nëtzlech Insekten, wéi zum Beispill d'Beien.

2) D'Pestizidie sinn eng Gefor fir d'Gesondheet

a. Si kënne vum Mënsch souwuel iwwert d'Nahrung, wéi iwwert Haut, wéi iwwert d'Otemweeër opgeholl ginn.

b. Bei engem direkte Kontakt, wann een zum Beispill net déi néideg Sécherheetsvirkéierunge bei der Manipulatioun vun dëse Produiten hellt, kann et zu enger akuter Vergëftung kommen.

c. Duerch eng dauerhaft Belaaschtung, och bei gerénge Quantitéiten, kann et zu chroneschen Auswierkunge kommen, zum Beispill Kriibs (sou hu

Kriibsforscher an der Belsch gerechent, dass ongeféier 5.6% vun den ënnersichte Kriibsfäll ob Pestizidien zeréckzeféiere sinn.)

3) Wat kënne mer änneren ?

a. Oft ass den ëffentlechen Drock Ausléiser fir d'Asetze vu Pestizidien op kommunale Platzen. Fir dass d'Bierger méi tolerant vis-à-vis vun « Grëngs » am ëffentleche Raum ginn ass et wichteg si iwwert d'Problematik vun dëse Produiten opzeklären. Ausserdeem kënne Formatiounen, wéi ee mat der Natur ouni Pestizidien eens gëtt, ugebuede ginn.

b. Wichteg ass et och, dass an der Planifikatioun vum ëffentleche Raum dru geduecht gëtt wéi d'Fleeg dovu soll organiséiert ginn.

c. Wann trotz allem awer muss mat sou Produite geschafft ginn ass et wichteg, dass all Sécherheetsmoossname geholl ginn, dass keen zu Schued kënnt. E grousse Risiko besteet ëmmer fir déi déi dës Produite manipuléieren. Hei denken ech un eis Gäertnerequipe, déi ëmmer rëm muss erkläert kréien, dass d'Uwenne vun de Sécherheetsmoossname wichteg ass fir och hier Gesondheet ze schützen.

d. Fir dass d'Gemeng eng Reduzéierung vun de Pestizidien erziele kann ass et wichteg, dass déi Aarbechter déi dofir zoustänneg sinn och déi adequat Formatioune kënne suivéieren.

Déi gréng si ganz optimistesch, dass mer positiv Resultater an dësem Dossier wäerten erzielen a mer si frou, dass mer den Efforten déi an der Vergaangenheet scho gemaach gi si lo en offizielle Stempel kënnen opdrécken.